Samsdeg de 7. Oktober vu 14 Auer un op der Giischterklaus. Zu all voller Stonn biede mir ee vun deene véier offizielle Rousekränz respektiv feieren ëm 16 Auer Mass. Dertëscht Zäit zur stëller Anbetung an der Kapell oder sech bei Kaffi, Gedrénks a Gebäck am Brudderhaus ze stäerken an ze begéinen. Häerzlech Invitatioun fir en Deel oder de ganze Nomëtteg dobäi ze sinn.

## Communauté portugaise

Durant le mois d'octobre, du 1ier au 15 octobre, prière du chapelet tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique.

Le 14 octobre à 21h00 procession en l'honneur de Notre-Dame de Fatima.

# Publications de Mariage

**Publicationes matrimoniales (c. 1067) Paroisse Région Echternach St Willibrord**

- **Tom Kaempff et Jessica Schmit**
  Date et lieu du mariage religieux : 23/09/2023 à Lellig (L)

# ROSENKRANZSONATEN

Die Rosenkranz-Sonaten oder Mysterien-Sonaten von Heinrich Ignaz Franz Biber sind eine Sammlung von Sonaten für Violine und Basso continuo Nachdem sie über Jahrhunderte in Vergessenheit geraten waren, zählen sie heute zu Bibers bekanntesten Werken und den bedeutendsten Violinkompositionen des Barock.



Violon

Jehanne Strepenne

Orgue

Rosch Mirkes

**29. Oktober 2023**
**um 17:00 Uhr**

**Kirche von BORN**

**ENTRITT FREI**

# D'Bibel zesumme liesen

*Enn September fänke mer erëm u mat de Bibeltreffen an der Par Regioun Iechternach, ënner der Leedung vum Tom Osborne zesumme mat enger Aarbechtsgrupp.*

**Matthäusevangelium**

Ons gemeinsam Lektür vum Matthäusevangelium, déi mir am Januar ugefaangen hunn, geet weider:

**Ëmmer Méindes vun 19.30 - 21.30 Auer**
**am Veräinshaus** (passage des Demoiselles, Iechternach)

Bibelowender:

| | |
|---|---|
| **25. September** | Mt 16,21-20,34 |
| **09. Oktober** | Mt 21,1-22,14 |
| **23. Oktober** | Mt 22,15-26,1 |
| **13. November** | Mt 26,1-27,54 |
| **27. November** | Mt 27,55-28,20 |

**Genesis 1-11**

No etlech Joer, wou mir Schrëften aus dem Neien Testament geliest hunn (Lukasevangelium, Matthäusevangelium, Paulusbréiwer, Johannesevangelium), wëlle mir den Ufank vum Alen Testament liesen: Erzielungen vun der Erschafung vun der Welt, vum Ufank vun de Mënschen a gläichzäiteg vun der Gewalt, vum Noach a vun der Flut, vum Tuermbau vu Babel … An enger Welt vu wëssenschaftlechen Errongenschaften, hunn si do nach iergend eng pertinent Bedeitung oder sinn si „nëmmen“ als Mythen oder Märercher ze verstoen?
**All Freides moies vu 9.00 bis 11.30 Auer**
Am Sall ënnert dem Parbüro virun der Basilika
**Éischt Treffen: 6. Oktober 2023**

## (Nei) Umelldung

Numm/Virnumm ______________________

Mail-Adress ______________________

Telefon ______________________

*Ech melle mech un a sinn averstanen, datt meng Donneeën exklusiv fir d'Organisatioun vun de Bibelowender benotzt ginn.*

Mëlle mech un

fir d'Matthäusowender ❑ fir d'Genesis ❑

Ënnerschrëft ______________________

*Ofginn oder mailen un:*
iechternach@cathol.lu | Parbüro Iechternach 12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach



## 21.10.2023

**Concert | 19:30**
Regensburger Domspatzen

**dir. : Domkapellmeister Christian Heiß**

## 03.12.2023

**Concert de l'Avent | 16:30**
Chorale Ste. Cécile Jonglënster
& Basilkachouer Iechternach
& Ourewiirm Jonglënster
& orchestre & solistes

dir.: Luc Nilles

## 08.12.2023

**Messe Rorate | 18:30**
Ensemble du Choeur de garçons
Pueri Cantores

dir. : Pierre NIMAX jr. &
Marie-Reine NIMAX-WEIRIG

## 21.01.2024

**Concert | 16:30**
Ensemble AD LIBITUM

dir. : Rosch MIRKES

## 02.02.2024 - 04.02.2024

**Exposition**
Jacques SCHNEIDER

## 10.03.2024

**Concert | 16:30**
Kammerchor Staatliche
Hochschule für Musik und
Darstellende Kunst Stuttgart
dir. : Prof. Denis ROUGER

250 Joer
**Lënster Kierch**

Reservationen nur durch
Anruf unter :
*Réservations uniquement
par appel au :*

**(+352) 621 375 295**

## 17.03.2024

Concert | 16:00
Pueri Cantores & Choeur de chambre du Conservatoire & solistes & orchestre
*Oratorium Paulus de Felix Mendelssohn-Bartholdy*

dir. : Pierre NIMAX jr.

## 27.04.2024 - 28.04.2024

Exposition
Les trésors secrets de l'Église
St. Martin

## 12.05.2024

Concert | 16:30
Laurent FELTEN -
Luc NILLES -
Olivier NILLES

## 24.07.2024

250e anniversaire de l'Église St. Martin

Inauguration de l'orgue
*célébrée par Son Éminence Jean-Claude Cardinal HOLLERICH*

Concert Laurent Felten

## 15.09.2024

Récital | 16:30
Olivier LATRY
*organiste titulaire*
*Notre-Dame de Paris*

## Herbst/Automne 2024

*Porte ouverte & Audition d'orgue*

## 13.10.2024

Concert | 17:00
Thomas OSPITAL
*organiste titulaire du grand-orgue de l'église Saint-Eustache à Paris accompagné par l'OCL – Orchestre de Chambre Luxembourg*

## 08.11.2024

Concert | 20:00
Musique Militaire
Grand-Ducale Luxembourg

## 17.11.2024

*Clôture des festivités –*
*Fête patronale*
*St. Martin*

Mehr Informationen unter :
*Pour plus d'informations :*

**LensterKierch.lu**

marcwilmesdesign.lu

# Liestipp...

## Arnold Benz

## Unfassbar verschwenderisch

### Astronomische Psalmen

Theologischer Verlag Zürich 2023,
95 Seiten, 22,- €.




Mir liewen haut an enger Zäit, wou mir vill op eis Ëmwelt beduecht sinn a wou mir als Mënsche mengen, mir kéinten eis Welt retten doduerch, dass mir dëst an dat anescht maachen wéi fréier Generatiounen. Eist Bewosstsinn fir eis Welt huet sech an deem Punkt ganz sécher radikal geännert. Dat ass sécherlech ganz richteg a gutt esou. An awer iwwerkënnt mech ëmmer nees esou ee Gefill, dass mir als Mënschen dach nëmmen een äusserst bescheidenen Deel zum Ganzen vum Universum bäidroen a virun allem, dass all dat, wat mir maachen oder net maachen, kaum eng Auswierkung op dat Ganzt vum Universum huet. Sécher ass eis Äerd duerch eis an eng gewëssen Nout geroden. Mä läit dat net och an der ganzer Evolutioun schonn dran? Wie seet eis dann, dass mir falsch leien? Kann et net och esou sinn, dass dat eben de Wee vun der Evolutioun un sech ass? Si mir als Mënschen, ass eis Äerd net nëmmen ee kléngen an einfach onbedeitenden Moment am Laf vun der Evolutioun vum Kosmos am Ganzen? Hale mir eis wierklech nach ëmmer fir d'Kroun vun der Schëpfung?

Ech hunn dëst klengt Buch vum Arnold Benz entdeckt a mat Genoss gelies. De Benz ass emeritéierten Professer vum Institut fir „Teilchen- und Astrophysik" vun der ETH Zürech. Hien huet a sengem Liewen vu der Fuerschung an dësem Beräich esou munch mol wuel kënnen dach staunen a sech Froe stellen iwwer de Sënn an den Zweck vun der Welt, dem Kosmos a vun eisem Liewen als Mënschen an der Welt. Seng Texter si gedroen vun engem ganz déiwen Respekt virun dem Kosmos a dem Liewen a si loossen hien och ëmmer nees d'Fro no Gott stellen. Mech huet et beréiert, jo begeeschtert, wéi een héich studéierte Mënsch sech esou déif Gedanken mécht iwwer eis Konditioun vun der Welt am Ganzen.

Ech hu mech um Enn vum Liesen ebe just gefrot, op mir iwwerhaapt eppes kënne verstoen vun der Gréisst vum Kosmos. Kënne mir als kleng Mënschen, déi jo nu wierklech fir dat Ganzt kaum vu Bedeitung sinn, iergend eppes veränneren a beaflossen? Mécht et Sënn sech esou ze engagéieren fir eppes, wat um Enn absolutt guer net an eiser Muecht steet? „Das viele Neue kann nur entstehen, weil Altes stirbt. Aus Asche alter Sterne werden Planeten, Lebewesen, Menschen. Das Sterben schafft Platz für Neues." (S. 26) Ass dat net ee grondleeënd Prinzip vum Kosmos iwwerhaapt? „Auf Karfreitag folgte Ostern. ... Aus Altem wurde Neues, das Grundmuster kosmischer Entwicklung." (S. 27) Ass dat net wierklech ze bedenken? Grad an eiser Zäit menge mir, mir kéinten Afloss huelen. Awer ass dat méiglech? Si mir do net all ze vill iwwerhieflech an eisem klengen mënschlechen Denken, an eisem politeschen Handelen?

Dëst klengt Buch mat sengen Texter gëtt

eigentlech ee gudde Ābléck an d'Welt vun der Erfuerschung vun der Welt. Ëmmer nees weist den Auteur seng Passioun fir säi Fuerschungsberäich a léist awer och seng Froen opkommen.An um Enn vun all Text steet dann eben d'Fro no Gott. An och d'Fro no deem, wat op eis duerkënnt: „Die Zukunft ist offen,kommt auf mich zu wie ein Strom aus einer unerschöpflichen Quelle, ab und zu wie ein Tsunami." (S. 65) „Die Welt ist farbig wegen Quantensprüngen in winzigen Molekülen. Der Riss in der Mauer verursacht die Farbenpracht der riesigen interstellaren Wolken. Kein Durchblick auf Göttliches, jedoch ein Zeichen, dass hinter der Mauer ein Geheimnis liegt." (S. 79)

Eng Rei Biller vum Kosmos lueden an, fir ze meditéieren an ze staunen. Ech ka nëmme roden, fir sech Zäit ze huelen an iwwer dem Benz seng Gedanken nozedenken.

## Hélène de Saint Aubert

# Sexuation

### parité et nuptialité dans le second récit de la Création (Genèse 2)

Lectio Divina 282, Les Éditions du Cerf, Paris 2023, 192 Seiten, 22,- €.




Am Hierscht liese mir an eisem Bibelcours um Freideg Moien dat éischt Buch vun der Bibel: d'Genesis (1-11). Nach ëmmer gëtt vu verschiddene Säiten, sou wuel vun Theologen wéi och vu Wëssenschaftler, mat engem gewësse „mépris" op déi éischt Säite vun der Bibel gekuckt. Bäi menger perséinlecher Virbereedung ass mir d'Buch vum Hélène de Saint Aubert an d'Hänn gefall. Ech hunn et mat engem grousse Genoss gelies. Et ass natierlech schonn e wéineg méi usprochsvoll. Mä dat soll een net ofschrecken fir et ze liesen.

Hei gi fundamental Gedanke formuléiert iwwer eis mënschlech Konditioun an der Welt a wéi eis Bibel de Mënsch grad op hiren éischte Säite kuckt a beschreift. Nach bis haut hält sech wéi ee Mantra a kierchleche Kreesser, dass d'Fra nu mol no an aus dem Mann erschafen an dofir eben och mannerwäerteg wier. Dass d'Bibel eng ganz decidéiert aner Vue vertrëtt, mécht d'Mme de Saint Aubert an hirem Buch ganz däitlech: „… à ce stade, qui continuerait de croire que le texte est phallocratique aurait la berlue." (S. 43)

De Mënsch ass nëmme Mënsch a senger Verschiddenheet, a Fra an a Mann, déi dann absolutt gläichwäerteg sinn. „L'humain est sexué et cela est vital." (S. 39) Vläicht misste mir an eiser Zäit och mol erëm nei iwwer des Dimensioun vum Mënsch-Sinn nodenken. D'Bibel wier dobäi dach vläicht ee ganz gudden Ufank.

Eis Virstellungen, wat d'Bibel op den éischte Säiten iwwer de Mënsch seet, sinn zimmlech fest geluecht. Awer ass et richteg, wat Generatiounen vu Mënschen erzielt kritt hunn? Sinn eis Iwwersetzungen an eis Virstellungen richteg? Traditionell heescht et an den Iwwersetzungen, dass d'Fra aus enger Rëpp vum Mann erschafe wier (Gen 2,22). Mä dat hebräescht Wuert huet awer als éischt Bedeitung eng „Säit". D'Fra ass deemno d'Säit vum Mann. D'Hélène de Saint Aubert mécht an hirem Buch op all des Dimensiounen opmierksam. (Vgl. S. 44ff.) Vläicht wier et héich noutwendeg, wa mir eis vun iwwerkommen Denk- a Virstellungsmuster géife léisen an d'Bibel grad op den éischte Säiten net nëmmen

als Mythologie kucken, mä als eng zudéifst anthropologesch Meditatioun iwwer eist Mënsch-Sinn. Vläicht musse mir wierklech endlech eis Bibel nei liesen, nei verstoen a vill al Biller iwwer Bord geheien. „Le premier homme trouve la femme devant lui et à côté de lui, comme son autre côté, comme un être solidement édifié, dont il a un besoin radical pour être homme et humain." (S. 53) Ass dat lo just a banal eng feministesch Liesaart vun der Bibel? Mir schéngt et net esou ze sinn. D'Nodenken doriwwer ass jiddefalls a mengen Aen wichteg a wäertvoll a léist eis nei Zougäng opschéngen.

Wichteg ass, dass een sech mat de Begrëffer, déi d'Bibel gebraucht, ganz seriéis ausenanersetzt. „Adam" ass net einfach hin de „Mann". Et ass wuel als éischt emol de Mënsch un sech. A vun do aus kann een da weider denken. Op den éischte Säite vun der Bibel geet et ëm d'Mënsch-Sinn un sech.

D'Buch vum Hélène de Saint Aubert verlaangt vum Lieser, dass en sech aléist op dëst Studéieren vun de Begrëffer. Nëmmen esou kann een den Text vun der Bibel erfaassen a verstoen. Si invitéiert, fir sech vertraut ze maachen mat dëser héich komplizéierter Denkweis vun de bibleschen Schrëftsteller. Awer et ass onheemlech wäertvoll a wichteg fir eng nei Siicht vun eisem Liewen als Fraen a Männer, als Mënschen an der Welt och vun haut.

*Carlo Morbach*

# Ee klenge Bléck an d'Geschicht vun der Kierch vu Consdorf

Wann dir elo dëst Parblat an der Hand haalt, da gesi dir baussen ee Bild vun der Kierch vu Consdorf. Den 21. September ass d'Fest vun der Wei vun der Consdorfer Kierch. Munch een wäert sech nach ëmmer schwéier dinn, dass mir elo „nëmme" méi vun der Kierch vu Consdorf schwätzen a net vun der „Parkierch". Zënter dem 7. Mee 2017, wou eis Diözes insgesamt nei opgestallt gouf, sinn eben déi al Paren opgeléist an an 33 neie grousse Paren organiséiert ginn. Den Titel „Parkierch" ass dofir och fir ganz vill Kierchen Geschicht. Eis gemeinsam



Parkierch ass d'Basilika vun Iechternach.

Consdorf a seng Kierch huet allerdéngs eng laang Geschicht. Consdorf gehéiert zu deenen eelste Paren hei an der Géigend. Déi aktuell Kierch vu Consdorf ass am 18. Joerhonnert gebaut ginn a kann deemno op eng laang Zäit zeréckkucken. Et wier wuel derwäert des Geschicht och emol opzeschaffen an enger wëssenschaftlecher Publikatioun. Natierlech huet d'Kierch als Gebai an deene laangen Joerhonnerten munch Ëmbauten materlieft. Den Tuerm weist op déi ënnerschiddlech Bauphasen hin. A bannen an der Kierch kann ee gesinn, dass och an neier Zäit munches verännert gouf. Am Laf vun der Geschicht gouf et warscheinlech verschidde Kierchegebaier zu Consdorf. 1729 ass jiddefalls vun der Baufällegkeet vun der Kierch riets. Iwwer de Bau oder Renovéierung ass deck gestridde ginn. „Prozesse am laufenden Band" betitelt den Emile Donkel (S. 6) des Zäit am 18. Joerhonnert wou et hin an hier goung bis schliisslech eng nei Kierch konnt opgeriicht ginn. Mä och 1772 war si nach net komplett.

Et gouf kee Buedembelag, keng Still a kee Priedegtstull. (Donkel, S. 8) Ab 1860 gouf d'Kierch vergréissert an huet déi Ausmoossen ugeholl, déi si och haut nach huet. 1974 war den Zoustand vun der Kierch esou schlecht, dass d'Gefor bestanen huet, dass d'Verwälleft géif zesummebriechen. D'Kierch ass doropshin vu Grond op sanéiert ginn. De 16. Dezember 1979 konnt déi restauréiert Kierch erëm ageweit ginn.

Patroun vun der Consdorfer Kierch ass haut den hellegen Apostel Bartholomäus. Schonn 1624 gouf hien als Patroun genannt. Mä dat war wuel net ëmmer esou. D'Kierch vu Consdorf huet zum Besëtz vun der Fraenabtei Oeren-Sankt Irminen vun Tréier gehéiert. Dat ass allefalls am 10. Joerhonnert schonn esou. Dofir gëtt och an de Quellen aus der Zäit d'helleg Irmina als Patréinesch genannt. Op si allerdéngs virdrun och schonn als Patréinesch vu Consdorf fungéiert huet, ass net gekläert. D'Schwësteren haten deemools jiddefalls d'Soen, vu wiem a wéi des Par sollt geleet ginn. Et ass eng duerchaus interessant Geschicht. De Visitatiounsberiicht vun 1738 zielt op, wat zur Par Consdorf gehéiert huet: „Die Orte Consdorf, Berdorf, Breidweiler und Colbette, ferner den Dosterthof, den Hungerhof, die Höfe Birkholz und Grundermühle, den Grundhof, den Gemenerhof, den Stoppelhof und die … Einmühle." (Pauly, S. 181)

No enger aler Traditioun gouf et um Grondhaff eng Urkierch, déi dem Äerzengel Michael geweit war. Vun der Kierch hunn, sou gëtt vermutt, all Nopeschgéigenden ofgehaangen. D'Patrozinium ass vun do op Beefort an op Bollendorf (D) gaangen. Consdorf huet d'Relatioun weider gefouert duerch eng imposant Statue vum Michael, déi jo och laang nach am Héichaltor stoung. Haut ass des Statue an d'Uergel integréiert. Des Statue deit also op eng weider Verwécklung an der Geschicht vun der eemoleger Par Consdorf hin.

Tatsaach ass, dass Consdorf als eegestänneg Par scho ganz laang dokumentéiert ass. An engem schrëftlechen Dokument aus dem Joer 1319 ass als éischten mat Numm genannten Paschtouer ee gewëssen Gobelo erwäänt. Vun 1657 un hu mir eng vollstänneg Lëscht vun de Paschtéier vun der Par Consdorf bis haut.

Och wann haut eis Struktur vun der Par eng aner ass, sou gëtt eis d'Geschicht vun de Kierchen an de Paren dach eng Verflichtung, fir d'Ierwen aus vergaangenen Zäiten wieder ze fleegen an och ze versuergen. Dat, wat Mënschen fréier mat vill Méi opgebaut hunn, solle mir uechten an erhalen. Mir hunn et als Geschenk oder als „Leihgabe" iwwerlooss kritt. Dofir sollte mir et och am Sënn vun de Grënner weiderreechen un déi folgend Generatiounen.

*Carlo Morbach*

Quellen:

- Ferdinand Pauly, Siedlung und Pfarrorganisation im alten Erzbistum Trier. Das Landkapitel Mersch, Trier 1970.
- Emile Donkel, Kirche und Kloster in Consdorf, Luxemburg 1967.
- Bénédiction de l'église paroissiale restaurée et inauguration du monument aux morts, Consdorf 1979.



Fotoen Tom Osborne

# Dëst & dat...

## Merci Sylvie



Wärend ville Joren huet d'Sylvie Kinnen bei eis als Parassitentin geschafft a vill Leit an den CIPA'en an Altersheimer vun eiser Par begleet a spirituell encadréiert, an dëst mat Kompetenz, Liewenserfarung, Gedold a vill Léift. Eng nei Liewensetapp steet elo fir d'Sylvie un.

Am Numm vun der Pastoralekipp a vun alle Leit soen ech vu ganzem Häerzen: MERCI SYLVIE an all Guddes fir Deng Pensioun an Däi weidere Wee. Mir wäerten eis sécher net aus den Aa verléieren , well's Du weiderhinn bei eis an der Par wunne wäerts! *Francis Erasmy*



## Willibrordus-Oktav 2023

**vum 5. bis den 12. November**

Si fänkt Sonndes owes den 5. November um 18.30 Auer un mat der Pilgermass fir eis Par Regioun Iechternach, Pfarreiengemeinschaft Irrel an de Pastorale Raum Bitburg.

Den détailéierte Programm fannt Dir am nächste Parbréif.

## Chèque-Iwwereechungen

- An der Kanner- an Familljemass hunn d'**Kommuniounskanner** 2023 aus der Par e Chèque vun 4.600 € un d'Association ARCUS iwwerreecht. Heimat kréien esou eng jett Kanner déi neideg déieregestëtzten Therapien erméiglecht.



- Vum 10.8. - 13-8. woren de Mgr Visuvasam Selvaraj , Bëschof vun der Diozes Port-Blair, Indien a säi Virgänger Mgr. Alex Dias op Besuch zu Iechternach. D'Eechternoacher Massdéiner ënnerstëtzen d'Diozes Port Blair schonns ganz laang.
Si hunn e Chèque vun 1000 € iwwerreecht. Och den Affer war dee Sonndeg fir d'Diozes vu Port Blair.




OEUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF a.s.b.l

ënnerstëtzt

## D'Liewensmëttelpäck-AKTIOUN
## vum 01. – 15. 11.2023

vun der

***KANNER- A FAMILLJENHËLEF a.s.b.l.***

RCS: F10515
Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm / Tel. : 661 309 320
CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000



KANNER- A FAMILLJENHËLLEF a.s.b.l. organiséiert eng Kollekt vu Liewensmëttel-päck, déi fir Chrëschtdag a Rumänien an an der Ukrain verdeelt ginn. Gratis Këschte kritt Dir op de Sammelplazen oder an de Kierche vun der "Par Regioun Iechternach St Willibrord" vum 1. November un.
D'Këschte wann ech glift weder zupechen nach zoustrécken, well se nach zu Olm kontrolléiert ginn.

D'Këschte sollen all d'selwecht gefëllt si mat folgende Wueren:

| | | |
|---|---|---|
| *1 kg Zocker* | *1 kg Miel* | *1 kg Räis* |
| *1 kg Spaghetti* | *1 kg Schmull (semoule de blé)* | *500 g Margarinn* |
| *250 g Kaffi (gemuel)* | *2 Fëschkonserven* | *Friichtentéi* |
| *250 g Bak-Kakao* | *4 Päckelcherszoppen* | *3 Packunge Bouillonsküben* |
| *400 g Schockela* | *2 x Vitaminbrausetabletten* | *Kamellen* |
| *Kichelcher* | *1 Chrëschtkaart* | |

Aplaz eng gefëllte Kësch ofzeliwwere kënnt Dir och en Don (35 € pro Këscht) un d' „Kanner- a Familljenhëllef a.s.b.l." iwwerweisen. (LU61 1111 7038 8755 0000)
All aner Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken ass wëllkomm.

Gesammelt ginn ausserdiem a guddem a propperem Zoustand:

| | | |
|---|---|---|
| *waarm Decken* | *waarm Strëmp* | *Schalen* |
| *Kleeder* | *Kannerspillsaachen* | *Buggyen* |
| *komplett Kannerkutschen* | *Kannerbetter mat Matrass a Gedecks* | |

Mir soen Iech am Viraus e ganz häerzleche Merci.

**<u>Sammelplazen:</u>**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Famill ORIGER | 56, op der Hicht | Konsdref | ☎ (691) 79 08 09 |
| Parbüro | 12, Porte St Willibrord | Iechternach | ☎ 72 01 49 |

# D'Lënster Kierchemaisercher



**Wie si mir?**

- mir sinn aacht Meedercher a Jongen am Alter vu 4 bis 7 Joer
- mir hunn eis vum Oktober 2021 un, all véierzeng Deeg freides vun 18:15-19:15 Auer zu Jonglënster am Parzenter versammelt.

**Wat hu mir do gemaach?**

- thematesch un d'Joreszäiten an un d'Kierchejoer ugepasst, hu mir chrëschtlech Bräich a Symboler kennegeléiert, Geschichte gelauschtert an duergestallt, wéi eis Welt erschaf ginn ass.
- mir hu gemoolt, gebied, gedanzt a gesongen, gebastelt a geschnabbelt, lessen an Gedrenks gedeelt an eis zesumme gefreet iwwert all dat, wat den Härgott eis geschenkt huet.

**Wien huet eis geleet?**

- D'Francoise Weckering-Bailleux, mat Hëllef vun der Familljemassekipp an och vun Eltere vun de Kanner.

**Wei geet et weider am Schouljoer 2023/2024?**

- Eis éischt Versammlung ass e Freideg, 20.0ktober 2023 vun 18:15 bis 19:15 Auer.

Wëlls du derbai sinn a bass du tëschend 4 a 7 Joer al, mell dech w.e.gl. un iwwert e-Mail: **francoise.bailleux@education.lu**

***Qui sommes-nous?***

- *nous sommes sept enfants entre 4 et 7 ans*
- *nous nous sommes réunis tous les quinze jours les vendredis de 18h15 à 19h15 depuis octobre 2021 au „Parzenter" à Junglinster.*



***Qu'est-ce qu'on a fait?***

*• Inspirés par les saisons et l'année liturgique, nous avons appris à connaître des coutumes et des symboles chrétiens par des histoires et des jeux.*

*• nous avons dessiné, prié, dansé et chanté, bricolé, bavardé, partagé et nous nous sommes réjouis de tout ce que Dieu nous a offert.*

***Qui nous a dirigé?***

*Françoise Weckering-Bailleux avec le soutien de membres du groupe de la „Familljemasséquipe" et de quelques parents.*

***Et en 2023-2024?***

*La première réunion: le vendredi, 20 octobre 2023 de 18h15 à 19h15 au „Parzenter" .*

*Si tu as envie de faire partie de notre groupe et si tu as entre 4 et 7 ans, inscris-toi par courriel:*
**francoise.bailleux@education.lu**

# Date mat Gott - Virbereedung op d'Firmung



**Date mat Gott**

- De chrëschtleche Glaawe weider liewen a mat aneren deelen.
- ass geduecht fir Jonker aus dem lycée (ab 7e)
- fënnt Dënschdes an zwou Gruppe statt: 1 Mol de Mount zu Iechternach (Basilika) oder zu Jonglënster (Parzenter)
- op desem Wee kann ee sech och spéider fir d'Sakrament vun der Firmung aschreiwen.

**Umeldung fir den Date**

Dir fannt den Umeldungsziedel op eisem Internetsite: https://cathol.lu/iechternach, fëllt en aus a schéckt en un de
Parbüro: 12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach
oder per mail: iechternach@cathol.lu

**Fir Informatiounen**

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email: josiane.mirkes@cathol.lu
Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email: carlo.morbach@cathol.lu

## "Date mat Gott" - préparation à la confirmation

**Date mat Gott**

- vivre et partager la foi chrétienne avec d'autres jeunes.
- Le «Date» est prévu pour les jeunes du lycée (à partir de la 7e) et a lieu une fois par mois le mardi (alternance Echternach et Junglinster)
- Le Date est aussi une préparation à la confirmation

**Inscription**

Vous trouvez la fiche d'inscription sur notre site internet: (https://cathol.lu/iechternach) à remplir et à envoyer au bureau paroissial: 12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach ou par mail: iechternach@cathol.lu

**Informations**

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email: josiane.mirkes@cathol.lu
Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email: carlo.morbach@cathol.lu

# **Umeldung Kateches** 2023-2024

Wann Äert Kand dat läscht Joer an der Kateches ageschriwwe war, da bleift d'Kand och fir d'Kateches vum neie Schouljoer 2023-2024 ugemellt. Dir braucht also kee neien Umeldungsformular méi auszefëllen. Iwwerweist just w.e.g. de Joresbetrag vu 20 € op de Bankkonto BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000 (Kierchefong C.T. / Reg Iechternach) mat dem Vermierk: Kateches 2023-2024 + de Numm vum Kand.

Wann Dir wëllt d'Umeldung vun Ärem Kand annuléieren, da sot w.e.g. per mail Bescheed: iechternach@cathol.lu / luc.zimmer@cathol.lu.

Fir Nei-Umeldungen fannt Dir "Fiche d'inscription" an de Kierchen, am Parbüro oder iwwert Homepage: **https://cathol.lu/iechternach**. Fir eng gutt Virbeeredung op d'Eischtkommunion soll e Kand 3 Joer un der Kateches deelhuelen (vum Cycle 2.1 un).

Am Oktober fänken d'Kateches an d'Kannergottesdéngschter nees un, weider Informatiounen komme no.

# **Inscription Catéchèse** 2023-2024

Si votre enfant était inscrit l'année passée à la catéchèse en notre paroisse, il y restera également inscrit pour l'année 2023-2024. Vous n'avez donc pas besoin de faire une nouvelle inscription. Veuillez s.v.p. virer le montant annuel de 20 € au compte bancaire BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000 (Kierchefong C.T. / Reg Iechternach) avec la mention: Catéchèse 2023-2024 + nom de l'enfant.

L'enfant participera au groupe de la catéchèse en notre paroisse en fonction de son parcours individuel jusqu'à l'annulation de l'inscription. Vous pouvez annuler l'inscription à tout moment par un simple message par mail à l'adresse suivante: iechternach@cathol.lu / luc.zimmer@cathol.lu.

Pour les nouvelles inscriptions: Remplissez la fiche d'inscription (vous la trouvez dans les églises ou sur notre site: **https://cathol.lu/iechternach**) ou venez au bureau à Echternach pour faire l'inscription sur place. Pour une bonne préparation à la 1ière communioun il est préférable que l'enfant participe à la catéchèse à partir du cycle 2.1

La catéchèse et les services religieux pour les enfants recommenceront au mois d'octobre.

# Gottesdéngschter fir Kanner

***Kannergottesdéngscht fir den Ufank vun der Kateches fir all d'Kanner aus der Por: Freides, de 6.10. ëm 18.30 Auer an der Basilika***

- **Bäerdref** - Kierch: vum 14.10. un all Samschdes 16.30 Auer
- **Befort** - Kierch: vum 14.10. un all Samschdes 18.00 Auer
- **Iechternach** - Basilika: vum 11.10. un all Mëttwochs 18.30 Auer
- **Lënster** - Kierch: vum 13.10 un all Freides 18.30 Auer
- **Rouspert** - Kierch: vum 16.10. un all Méindes 18.15 Auer

***An de Schoulvakanzen si keng Kannergottesdéngschter***

# Dat (Vir-) Lescht

Herr Müller klagt dem Arzt sein Leiden: „Herr Doktor, ich bin oft sehr aufgeregt, und dann schreie ich wegen jeder Kleinigkeit los. Woran kann das liegen?“ – „Das ist eine Mangelerscheinung! – „An Vitaminen?“ – „Nein, ein Mangel an Beherrschung!“




© Stefan Roth/DEIKE

Lehrer: „Weiß einer von euch, was eine Wüste ist?“ Paula: „Ein Gebiet, in dem nichts wächst.“ Lehrer: „Gut. Kannst du mir auch ein Beispiel nennen?“ Paula: „Ja. Der Schrebergarten meines Onkels!“






250 Joer
**Lënster Kierch**



*Am Kader vun de Festivitéiten 250 Joer Lënster Kierch*

# 21.10.23

## Concert | 19:30

## Regensburger Domspatzen

an der Jonglënster Kierch

dir. : Domkapellmeister Christian HEISS

marcwilmesdesign.lu

Mehr Informationen unter :
*Pour plus d'informations :*
**LensterKierch.lu**

Reservationen nur durch Anruf unter :
*Réservatiowns uniquement par appel au :*
**(+352) 621 375 295**

Unter der Schirmherrschaft der Botschaft der Bundesrepublik Deutschland in Luxemburg.

Botschaft der Bundesrepublik Deutschland Luxemburg

In Partnerschaft mit:
*En partenariat avec:*

GEMENG JONGLËNSTER

FONDS CULTUREL NATIONAL